***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 13. Januar 2024 um 19h30 an der Konstgalerie zu Lellgen***

| | |
|---|---|
| <u>Präsenzen:</u> | Patrick Bormann, Jean-Marie Boumans, Jos Fischbach, Antoinette Lutgen-Lentz Paul Poncin, Christian Schmit |
| <u>Ofgemellt:</u> | Serge Zenner, Yves Kaiser |

---

## 1. Organisation d'une conférence sur la bataille des Ardennes

D'Konferenz fënnt den 28. Januar statt. Lass geet et um 19h00 zu Pënsch virum Kierfecht vir bei der Kapell beim Monument vun der Befreiung. Hei gëtt eng Gerbe vum Buergermeester néier geluecht. Dono gi mer op Lellgen an d'Konstgallerie wou de Jean-Marie iwwert de Kiischpelt wärend der Ardennenoffensiv verzielt. De Christian mécht d'Begréissung an d'Schlusswuert.
Samsdes de 25. Januar ab 14h00 riichte mer an der Konstgallerie zu Lellgen op.


- Yves organiséiert d'Gerbe + ee Musikant mat enger Trompett.
- Jean-Marie schwätzt op der Konferenz aleng.
- Christian këmmert sech em eng .ppt mat Biller an Ofstëmmung mam Jean-Marie.
- Paul kontaktéiert den Dikricher Musée a kuckt ob si nach intressant Saachen an den Archiven hunn.
- Jos geet bäi Christian Dauphin kucke wat hee vun Ausstellungsmaterial hutt.
- Jos kuckt op der Gemeng fir Panneauen ze organiséiere wou d'Biller oder soss Material kann opgehonge ginn.
- De Flyer gëtt iwwert d'Gemeng op Facebook gepost, mat engem Opruff fir Fotoen -> Jos.
- D'Riednerpult aus dem Centre Communal plënnere mer an d'Konstgallerie.
- Mer organiséieren een Hocker fir de Jean-Marie.
- D'Gedrénks organiséiere mer iwwert d'Gemeng -> Jos.
- Fir d'Konferenz stelle mer d'Still aus der Konstgallerie op.
- Fir no der Konferenz stelle mer Stehdëscher op.

## 2. Divers et prochaine réunion

- D'Antoinette gouf als neie Member vun der Kulturkommissioun begréisst.
- Déi nächst Versammlung vun der Kulturkommissioun ass viraussiichtlich am Mäerz.

Äischer, de 14. Januar 2025

**Christian Schmit**



Präsident

**Jos Fischbach**



Sekretär